N°7614
Entrée le 16.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.02.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wärend der Covid-Zäit huet d'Personal am Gesondheetssecteur Grousses geleescht, fir den normale Fonctionnement an de Spideeler ze garantéieren. Och d'Infirmieren an Infirmièren hunn an deem Kontext vill geschafft an deementspriechend och vill Iwwerstonne geleescht. An deem Kontext ass mir zougedroe ginn, datt sech bei villen d'Infirmieren an Infirmièren eng Onmass un Iwwerstonnen ugesammelt huet, déi dës Leit elo, wéi et schéngt, net gänzlech kënne kompenséieren - sief dat duerch d'Ausbezuele vun den Iwwerstonnen oder awer, datt déi betraffe Leit dës Iwwerstonnen als Congé kënnen eranhuelen. Iwwerdeems wär et esou, datt dës Iwwerstonnen no enger gewësser Zäit verfalen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Madamm Gesondheetsminister déi uewe genannten Informatioune confirméieren, datt sech bei villen Infirmieren an Infirmièren eng Onmass un Iwwerstonnen ugesammelt huet, déi dës Leit elo, wéi et schéngt, net gänzlech kënne kompenséieren - sief dat duerch d'Ausbezuele vun den Iwwerstonnen oder awer, datt déi betraffe Leit dës Iwwerstonnen als Congé kënnen eranhuelen? Kann d'Madamm Minister och confirméieren, datt dës Iwwerstonnen iergendwann verfalen?
2. Wa jo, wéi vill Infirmieren an Infirmièren si vun deem uewe beschriwwene Problem betraff? Ass och nach anert Fleegepersonal, z.B. Auxiliaires de vie, Aide-soignants, vun deem uewe beschriwwene Problem betraff?
3. Wa jo, wéi ass et an den Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerten, datt déi wichteg Aarbecht, déi dëst Fleegepersonal geleescht huet, net valoriséiert gëtt, andeems si hir Iwwerstonnen net kënne kompenséieren?
4. Wat gedenkt d'Madamm Gesondheetsminister elo ze ënnerhuelen, fir systematesch ze garantéieren, datt dat gesamt Fleegepersonal hir Iwwerstonne ka kompenséieren an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun där Initiative gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten